LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°1125 vum 27 August 2024 vum honorabelen Députéierten André Bauler an vum honorabelen Députéierten Gusty Graas zum Sujet "Intervention de la police lors d'une rave party illégale près du lac de la Haute-Sûre"**

**Fro 1: Wat fir Sécherheetsufuerderungen hunn eng méi fréi Interventioun vun der Police verhënnert?**

D'Police huet no enger Evaluatioun vun der Situatioun determinéiert, dass eng erhéichte Geforenlaach fir Beamten an Drëttpersoune besteet, bedéngt duerch en opgeweechten Terrain, ee limitéierten an eenzegen Zoufaart- respektiv Réckzuchswee, esou wéi eng héisch Verletzungsgefor am Fall vun enger forcéierter Raumaktioun. D'Entscheedung den Event net direkt opzeléisen ass an Ofsprooch mam Buergermeeschter vun der Stauséigemeng an den zoustännege Justizautoritéite geholl ginn.

D'Sécherheet vun alle Betraffenen huet Prioritéit .

**Fro 2: Allgemeng, wéi eng Mesurë goufe konkret vun der Police bei dësem Virfall ergraff? Goufen Drogenkontrollen op der Plaz gemaach? Wa jo, goufen an deem Kontext och Droge confisquéiert? Goufe Leit vun der Police opgeschriwwen a wa jo, wéi vill Leit si betraff?**

Ech verweisen op de Pressecommuniqué vun der Police vum 26. August 2024 betreffend der illegaler Rave-Party an deem d'Police hier Interventioun detailléiert huet.

D'Police huet Verkéierskontrollen duerchgefouert.Zu deene gehéiert ze iwwerpréiwen ob Unzeeche vun Alkohol- respektiv Drogekonsum bestinn. Bei dëse Kontrolle konnt näischt festgestallt ginn.

**Fro 3: Wéi gesäit et am allgemenge mat der Verstäerkung vun de Policepatrullen am Norden aus, besonnesch de Weekend?**

All Polizeikommissariat muss ee Minimum vu Patrulle pro Schicht stellen. Bei gréisseren ugekënnegten Evenementer kënne Verstäerkungen ageplangt ginn. Bei net ugekënnegten, respektiv net previsibelen Evenementer, besteet d'Méiglechkeet kuerzfristeg Patrulle vun anere Kommissariater dozou ze ruffen. Eng Risikoaschätzung determinéiert ob ee Besoin besteet.

Bedéngt duerch de verstäerkte Rekrutement vu Polizisten, wei en am Koalitiounsaccord festgehalen ass, ass den Effektiv vun de Polizisten am Norden am Laf vun dësem Joer eropgaangen a wäert an Zukunft nach weider klammen.

**Fro 4: Wéi kéint een an Zukunft esou Virfäll evitéieren an, méi präzis an dësem Kontext, wat fir Lektioune ginn aus dem rezente Virfall vun engem Tuning-Treffen op engem Parking vun engem Shoppingzenter an der Gemeng Ëlwen gezunn?**

Fir net autoriséierten an imprevisibel Rassemblementer ze verhënneren, kënne präventiv Mesure geholl ginn, déi am Dialog tëschent Police, de Gemengen a private Proprietäre beschwat ginn, wéi zb d'Installatioun vu Barriäre fir den Accès ze limitéieren oder ze verhënneren.

Lëtzebuerg, den 30. September 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN